N°4477
Entrée le 17.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de la ministre de la Protection des consommateurs, Martine Hansen, à la question parlementaire n°4477 du 16 juillet 2026 de l'honorable député Sven Clement au sujet de la transparence des prix des recharges sur le réseau public Chargy

1. Ass déi aktuell Praxis vum Chargy-Netz a vun de Prestatairen, déi doriwwer operéieren, no Meenung vun der Regierung konform mat de Präistransparenz-Ufuerderunge vum AFIR-Reglement souwéi mat den nationale Bestëmmungen iwwer d'Präisauszeechnung?

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n°2339 vum 19. Mee 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen präziséiert gouf, reegelt d'europäesch Veruerdnung (EU) 2023/1804 iwwer den Ausbau vun enger Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffer (AFIR) an der ganzer Europäescher Unioun d'Transparenz an den Affichage vun de Luedkäschte op ëffentlech zougängleche Bornen. Ofhängeg dovun, wéi bezuelt gëtt a wéi eng Luedleeschtung d'Born huet, ënnerscheeden sech d'Reegele liicht. Grondsätzlech muss de Konsument awer virum Start vun enger Luedung kloer iwwer all d'Präiskomponente informéiert ginn, déi an d'Berechnung vum finale Präis afléissen. Dozou gehéieren de Präis pro Kilowattstonn an, falls applikabel, och zousätzlech Käschte wéi Zäit- , Aktivéierungs- oder Roamingskäschten.

Et sief drun erënnert, datt d'ëffentlech Luedinfrastruktur Chargy a SuperChargy, déi zënter Enn 2025 vun engem Concessionnaire bedriwwe gëtt, all Mobilitéitsdéngschtleeschter, dee senge Clienten Accès op dës Luedbornen ubidde wëll, déi selwecht Konditioune fir den Zougang zum Chargy-Réseau garantéieren muss. Aktuell bidden eng grouss Zuel vu Mobilitéitsdéngschtleeschter, entweder direkt oder iwwer sougenannt Roaming-Plattformen, hire Clienten Accès op de Chargy-Réseau. Als Concédant vun der ëffentlecher Luedinfrastruktur steet de Wirtschaftsministère a reegelméissegem Austausch mam Concessionnaire a stellt esou ënner anerem sécher, datt d'Ufuerderunge vum AFIR-Reglement betreffend d'Präistransparenz respektéiert ginn. De Ministèren ass aktuell och net bekannt, datt ee vun de Mobilitéitsdéngschtleeschter, déi Accès op den Chargy-Réseau ubidden, dës Reegelen net respektéiert.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n°1917 vum 10. Februar 2025 vun den honorabelen Deputéierten Claire Delcourt a Mars Di Bartolomeo präziséiert gouf, schreift d'AFIR-Reglement dogéint net vir, zu wéi engem Zäitpunkt de finale Präis vun enger Luedsessioun dem Client muss matgedeelt ginn. Et gëtt och net virgeschriwwen, datt wärend der Luedsessioun eng Käschtenestimatioun ugewise muss ginn, och wann dëst vu verschiddenen Bornebedreiwer a Mobilitéitsdéngschtleeschter ugebuede gëtt. D'Dispositioune vum Code de la consommation, besonnesch wat d'prekontraktuell Informatiounspflicht ugeet, sinn domat awer respektéiert.

Op Nofro huet de vum honorabelen Deputéierte genannten Mobilitéitsdéngschtleeschter confirméiert, datt d'Präiskomponente fir all Bornen am Viraus kloer an der Applikatioun ugewise ginn. Donieft gëtt schonn wärend der Luedsessioun eng Käschtenestimatioun ugewisen. Nom Ofschloss vun der Luedsessioun erschéngt dës am Historique vun de Luedungen. Soubal de Bornebedreiwer de *Charge Detail Record* (CDR), deen déi genee Zuel u geluedene Kilowattstonnen an d'Lueddauer enthält, iwwermëttelt huet, gëtt och de finale Präis vun der Luedsessioun am Historique ugewisen. Fir

den Chargy-Réseau gëtt dësen CDR an der Reegel direkt nom Ofschloss vun der Luedsessioun iwwermëttelt.

Et sief rappeléiert, datt de Client fräi ass, seng Luedsessioun entweder direkt iwwer den Ad-hoc-Charging op der Borne oder iwwer ee vun de ville Mobilitéitsdéngschtleeschter ze starten. Fir et de Konsumenten ze vereinfachen, dee gënschtegsten Tarif ze fannen, recommandéiert d'Regierung de gratis Online-Tool Chargecheck[1] vun der Klima-Agence.

2. Wéi eng Autoritéit ass zu Lëtzebuerg zoustänneg fir d'Iwwerwaachung vun de Präistransparenz-Obligatioune vum AFIR, a goufe scho Kontrollen duerchgefouert?

Zu Lëtzebuerg ass d'Direktioun fir Konsumenteschutz vum Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau zoustänneg fir d'Iwwerwaachung vun de Präistransparenz-Obligatioune vum AFIR-Reglement. Fir d'Bedreiwer vu Luedbornen an d'Mobilitéitsdéngschtleeschter op déi nei europäesch Ufuerderungen opmierksam ze maachen, huet d'Direktioun fir Konsumenteschutz, an Zesummenaarbecht mam Wirtschaftsministère an dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dräi Informatiounsfichen fir de « Guide fir de Professionellen – Matenee Vertraue Gewannen »[2] ausgeschafft.

D'Agente vun der Direktioun fir Konsumenteschutz këmmeren sech generell dodrëm, datt zu Lëtzebuerg d'Präisser däitlech ausgeschëldert ginn. Si kontrolléieren deemno och, ob d'Präisser op de Borne richteg ugewise ginn. Dëst Joer gouf eng Kontrollcampagne op méi wéi 100 ëffentlech zougängleche Luedbornen am ganze Land duerchgefouert. D'Resultater vun dëser Campagne weisen, datt déi grouss Majoritéit vun de kontrolléierte Luedbornen de Konsumenten eng Präisinformatioun zur Verfügung stellt, déi den Ufuerderunge vum AFIR-Reglement entsprécht an et hinnen erméiglecht, sech virum Start vun der Luedsessioun iwwer d'Käschte ze informéieren.

3. Aus wéi engen techneschen oder kontraktuelle Grënn kann den Tarif vun enger Luedsessioun um ëffentleche Chargy-Netz net direkt um Enn vun der Sessioun matgedeelt ginn, wärend d'Verbrauchsdate jo disponibel sinn?

Ewéi an der Äntwert op d'Fro 1 ernimmt, kann de finale Präis vun enger Luedsessioun réischt berechent ginn, nodeems den CDR vum Bornebedreiwer iwwermëttelt gouf. Dësen enthält déi néideg Informatiounen, wéi déi genee Zuel u geluedene Kilowattstonnen an d'Dauer an d'Auerzäit vun der Luedsessioun, op där och eventuell zousätzlech Käschten, wéi *blocking fees*, baséieren. Wann eng Luedsessioun iwwer eng Roaming-Plattform ofgewéckelt gëtt, kann d'Iwwermëttlung vum CDR zousätzlech Zäit an Usproch huelen. Et sief awer drun erënnert, datt de Client virum Start vun all Luedsessioun kloer iwwer all d'Präiskomponente muss informéiert ginn, déi fir d'Berechnung vum finale Präis relevant sinn.

An der Praxis weisen déi meescht Mobilitéitsdéngschtleeschter de finale Präis kuerz nom Ofschloss vun der Luedsessioun an hiren Applikatiounen un a bidden dacks schonn wärend der Luedsessioun eng Käschtenestimatioun un. Ausserdeem ass de Client fräi, fir all eenzel Luedsessioun en anere Mobilitéitsdéngschtleeschter ze wielen an esou deen Déngscht ze notzen, deen him déi gënschtegst Tariffer oder déi bescht Servicer ubitt.

[1] www.chargecheck.lu
[2] https://pro-pc.public.lu

4. Gedenkt d'Regierung, am Kader vun de Concessiounen oder de Cahiers des charges vum ëffentleche Luednetz, d'Verflichtung anzeféieren, de Käschtepunkt direkt um Enn vun all Sessioun ze kommunizéieren, sou wéi et aner europäesch Fournisseure scho maachen?

Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro 1 ernimmt, iwwermëttelt de Concessionnaire an der Reegel de CDR direkt nom Ofschloss vun der Luedsessioun a bitt ausserdeem all Mobilitéitsdéngschtleeschter d'Méiglechkeet, sech direkt un den Chargy-Réseau unzebannen an domadder keng Roaming-Servicer vun Drëtter mussen ze notzen fir den Chargy-Reseau ze benotzen. De Wirtschaftsministère gesäit dofir keng Noutwendegkeet, eng Upassung vum Concessiounsvertrag virzegesinn.

5. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Feele vun der Präisindikatioun d'Vertraue vun de Konsumenten an d'Elektromobilitéit brems, a wéi eng Moossname gedenkt si ze huelen?

D'Regierung ass der Meenung, datt déi mam AFIR-Reglement agefouert Reegelen iwwer d'Präistransparenz e wichtege Schrëtt duerstellen, fir d'Informatioun vun de Konsumenten duerch eenheetlech Reegelen an der ganzer Europäescher Unioun beim Lueden op ëffentlech zougängleche Bornen sécherzestellen.

Gläichzäiteg huet d'Europäesch Kommissioun ugekënnegt, am Kader vun der kommender Revisioun vum AFIR-Reglement d'Bestëmmungen zur Präistransparenz an zum Präisaffichage weider ze evaluéieren an, wou néideg, ze verbesseren. D'Regierung ënnerstëtzt dësen europäeschen Usaz, well et wichteg ass, datt dës Reegelen an der ganzer Europäescher Unioun eenheetlech gëllen, fir dem Konsument eng kohärent an einfach zougänglech Luedméiglechkeet ze bidden, notamment och bei Reesen an aner Memberstaaten.

Donieft gëtt och am Kader vum AFIR-Reglement weider un der Standardiséierung vum Datenaustausch tëscht de verschiddenen Acteure vun enger Luedsessioun geschafft, dorënner de Bornebedreiwer, de Mobilitéitsdéngschtleeschter, d'Roaming-Plattformen, de Stroumliwweranten an d'Bezuelungsdéngschtleeschter. Dës Standardiséierung wäert dozou bäidroen, d'Kommunikatioun tëscht de betraffene Systemer weider ze vereinfachen an d'Veraarbechtung vun de Luedsessioune nach méi séier, zouverlässeg a transparent fir de Konsument ze maachen.

Luxembourg, le 17/08/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles